N°4090
Entrée le 12.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro Nr. 4090 vum 13. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig**

**1. Firwat gëtt de Studiegang "Langues, Culture, Médias – Lëtzebuerger Studien" aktuell net méi vun der Uni Lëtzebuerg ugebueden?**

De Masterprogramm "Langues, cultures, médias – Lëtzebuerger Studien" gouf am Joer 2009/2010 op der Universitéit Lëtzebuerg agefouert, ier de Programm "Master en Enseignement secondaire" ausgeschafft gouf. D'Moduller vum Masterprogramm "Langues, cultures, médias – Lëtzebuerger Studien" si gréisstendeels an de "Master en Enseignement secondaire – Langue et littérature luxembourgeoise" integréiert ginn, deen am Joer 2017/2018, als Äntwert op eng wuessend Nofro no Enseignantë fir Lëtzebuergesch am Secondaire, ugefaangen huet. D'Zil vun dëser Entwécklung war et, d'Ausbildung vun den Enseignanten fir Lëtzebuergesch ze professionaliséieren an d'Qualifikatiounen un d'Standardufuerderungen unzegläichen, déi fir Enseignanten am Secondaire gëllen.

Dofir gouf de Masterprogramm "Langues, cultures, médias – Lëtzebuerger Studien" duerch den "Master en Enseignement secondaire – Langue et littérature luxembourgeoise" weidergefouert, dee méi e klore professionelle Fokus op d'Unterrichtspraxis leet. Am Masterprogramm "Langues, cultures, médias – Lëtzebuerger Studien" hate sech am ganzen, an deene 7 Jore, wou en ënnert deeër Form ugebuede gouf, 86 Studenten ageschriwwen. Déi Zuel geet net duer fir op Dauer gläichzäiteg zwee Masterprogrammer unzebidden, déi op d'Studium vun der Lëtzebuerger Sprooch fokusséiert sinn.

Ze bemierken ass, datt d'Universitéit och aner Programmer am Lëtzebuergeschen ugebueden huet. De Certificat "Weiderbildung an der Lëtzebuergescher Sprooch a Kultur – Lëtzebuergesch als Friemsprooch" gouf 2007/2008 zesumme mam Institut national des langues Luxembourg (INLL) lancéiert. Dëse méi spezielle Cours gouf 2023 mam "Zertifikat Lëtzebuergesch Léiere Léieren – ZLLL" vum INLL fusionéiert, an erlaabt et, Lëtzebuergesch als Friemsprooch fir Erwuessener ze enseignéieren.

D'Universitéit analyséiert och d'Méiglechkeet, e Certificat fir eng Formation continue an der Lëtzebuerger Sprooch anzeféieren, dee sech un Enseignanten an aner interesséiert Persounen riicht. Zil vun dëser Initiativ ass et, e kuerzen a flexibele Weiderbildungsprogramm unzebidden.

**2. Kann d'Madamm Minister confirméieren, dass dëse Studiegang säit 2009 e puermol ausgesat gouf? Wa jo, aus wéi enge Grënn gouf en an de betreffende Joren ausgesat?**

Zwëscht 2009/2010 an 2015/2016 konnte sech Studenten an de Masterprogramm "Langues, cultures, médias – Lëtzebuerger Studien" aschreiwen ouni dass d'Aschreiwungen ausgesat goufen. De leschte Student, deen dëse Programm ofgeschloss huet, huet dat am Joer 2017/2018 gemaach. An deem Joer ass de "Master en Enseignement secondaire – Lëtzebuergesch Sprooch a Literatur" opgemaach ginn.

**3. Wéi hu sech d'Zuele vun den interesséierte Studenten zënter der Aféierung vun deem Studiegang entwéckelt? Wéi gesäit d'Madamm Minister dës Entwécklung?**

| Année académique | Nouveaux étudiants inscrits en semestre 1 | | Nombre total d'inscriptions au début de l'année académique | |
|---|---|---|---|---|
| | Langues, Cultures et Médias: «Lëtzebuerger Studien» | Master en Enseignement secondaire - Langue et littérature luxembourgeoises | Langues, Cultures et Médias: «Lëtzebuerger Studien» | Master en Enseignement secondaire - Langue et littérature luxembourgeoises |
| 2009-2010 | 20 | / | 20 | / |
| 2010-2011 | 13 | / | 27 | / |
| 2011-2012 | 15 | / | 32 | / |
| 2012-2013 | 8 | / | 25 | / |
| 2013-2014 | 1 | / | 13 | / |
| 2014-2015 | 18 | / | 22 | / |
| 2015-2016 | 11 | / | 26 | / |
| 2016-2017 | / | / | 14 | / |
| 2017-2018 | / | 10 | 2 | 10 |
| 2018-2019 | / | 9 | 1 | 17 |
| 2019-2020 | / | 10 | 1 | 19 |
| 2020-2021 | / | 18 | / | 27 |
| 2021-2022 | / | 11 | / | 31 |
| 2022-2023 | / | 7 | / | 19 |
| 2023-2024 | / | 10 | / | 18 |
| 2024-2025 | / | 8 | / | 16 |
| 2025-2026 | / | 4 | / | 10 |

D'Zuele vun den Aschreiwunge vun deenen zwee Masteren hunn iwwert d'Jore staark variéiert.

**4. Wat ass säit der Aféierung vun deem Studiegang vu Säite vun der Regierung gemaach ginn, fir en ze promouvéieren?**

D'Universitéit Lëtzebuerg huet aktiv de Masterprogramm "Langues, cultures, médias – Lëtzebuerger Studien" souwéi hir aner Studiegäng duerch verschidde geziilten Initiative promouvéiert. Zu dësen Initiativen gehéieren d'Participatioun op Studentefoiren a Portes ouvertes, d'Organisatioun vu Programmpresentatiounen an d'Publikatioun vun detailléierten Informatiounen op de Websäiten vun der Universitéit. Duerch dës Efforten huet d'Universitéit probéiert, potenziell Studenten ze informéieren an unzezéien.

**5 Ass D'Madamm Minister gewëllt, de Studiegang nach emol geziilt ze promouvéieren, a wa jo, mat wéi enge Moossnamen?**

Et gi keng Pläng, de Masterprogramm "Langues, cultures, médias – Lëtzebuerger Studien" nei opzemaachen, well säi Contenu an de "Master en Enseignement secondaire – Langue et littérature luxembourgeoise" integréiert gouf, dee méi e klore Parcours fir d'Carrière vum Enseignant ubitt.

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2026

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul
(s.) Stéphanie OBERTIN